PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
05 MARS 2019
447

Lëtzebuerg, den 05/03/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa, Wirtschaft & Gesondheet weiderzeleeden.**

Duerch d'Gesetz vum 20. Juli 2018 ass den Asaz vum medezinesche Cannabis no joerzéngtelaangen Diskussiounen endlech eng Realitéit ginn. Fir Mënsche mat chronescher Péng stellt d'Anhuele vu cannabishaltëge Produkter eng raisonnabel Alternativen zu anere Medikamenter duer. De medezinesche Cannabis, deen zu Lëtzebuerg verkaf gëtt, gëtt aktuell aus anere Länner importéiert. Vun engem ekologeschen a logistesche Standpunkt aus gesi, stellt sech awer d'Fro, ob den Import aus europäeschen Noperlänner keng sënnvoll Alternativ wär.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Opgelëscht no den Hierkonftslänner, wéi eng Quantitéit u medezineschem Cannabis ass säit der Promulgatioun vum Gesetz vum 20. Juli 2018 op Lëtzebuerg importéiert ginn?
- Gouf et vum lëtzebuergeschen Gesondheetsministère eng ëffentlech Ausschreiwung fir eng Commande vu medezineschem Cannabis? Falls jo, wéi eng Kritäre sinn heibäi consideréiert ginn? Falls nee, ass beim Kaf vum medezinesche Cannabis am Ausland de Präis iwwert ëffentlech Verhandlungen zustane komm? Wéi eng Offere louchen dem Gesondheetsministère an dem Fall vir, wat waren d'Präisser an d'Konditioune vun dësen Offeren a firwat huet de Minister sech fir déi gewielten Offer entscheet?
- Huet d'Regierung scho Schrëtt ënnerholl, fir bilateral Accorde mat europäeschen Nopeschlänner zum Handel vu medezinesche Cannabis ze fannen? Falls jo, wéi eng Gespréicher sinn zu dem Thema ofgehale ginn a wat fir eng Fortschrëtt si festgehale ginn? Falls nee, gedenkt d'Regierung, och ugesiichts vun der Legaliséierung vum Cannabis zum rekreative Gebrauch, dës Gespréicher mat europäeschen Autoritéiten ze sichen?
- Si virum Hannergrond, dass d'Produktioun an de Verkaf vum rekreative Cannabis zu Lëtzebuerg der Kontroll vum Staat sollen ënnerleien (Säit 105 am Koalitiounsvertrag), scho konkret Schrëtt ënnerholl ginn fir déi staatlech Kontroll och am Beräich vum medezinesche Cannabis ëmzesetzen?
- Gesäit d'Regierung, och en vue vun der zukünfteger Legaliséierung vum Cannabis zum rekreative Gebrauch, d'Aféiere vun enger staatlecher Agence fir de Cannabis vir? Falls jo, wéini soll dës opgemaacht ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
43, boulevard Roosevelt
L-2450 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
29 MARS 2019

Luxembourg, le 28 mars 2019

**Réf. :** 82bx17cf5

**Concerne**: Question parlementaire n° 447 du 5 mars 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes et du soussigné à la question parlementaire n° 447 du 5 mars 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant l'"Importation du cannabis médical".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Étienne SCHNEIDER
Ministre de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de la Santé et de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes à la question parlementaire n° 447 du 5 mars 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant l'"Importation du cannabis médical".**

---

*Opgelëscht no den Hierkonftslänner, wéi eng Quantitéit u medezineschem Cannabis ass säit der Promulgatioun vum Gesetz vum 20. Juli 2018 op Lëtzebuerg importéiert ginn?*

*Gouf et vum lëtzebuergeschen Gesondheetsministère eng ëffentlech Ausschreiwung fir eng Commande vu medezineschem Cannabis? Falls jo, wéi eng Kritäre sinn heibäi consideréiert ginn? Falls nee, ass beim Kaf vum medezinesche Cannabis am Ausland de Präis iwwert ëffentlech Verhandlungen zustane komm? Wéi eng Offere louchen dem Gesondheetsministère an dem Fall vir, wat waren d'Präisser an d'Konditioune vun dësen Offeren a firwat huet de Minister sech fir déi gewielten Offer entscheet?*

Am Dezember 2018 huet d'Direktioun vun der Santé fir mam Projet vum medezineschem Cannabis unzekommen eng procédure restreinte gemaach wou 3 Offeren ugefrot gi sinn an och era komm sinn. Dës Offere goufen op Basis vu Produktiouns- a Qualitéits-Kritären, Liwwerungsméiglechkeeten a Präis évaluéiert. Et gouf eng kanadesch Sociétéit zeréckbehalen an et ass eng Commande gemaach ginn. Ronn 20 kg goufen akaf, an zwar a Form vun 3 verschiddene Produiten mat gedréchente Blummen déi jeeweils verschidden THC & CBD Wäerter enthalen. De Präis vun dëser Bestellung läit bei ronn 50.000€. An deene nächste Wochen wäert eng europäesch Ausschreiwung gemaach ginn, wou zousätzlech zu deenen 3 Produiten déi elo schonn an de Spidolsapdikten ze kréie sinn och 3 verschidden Ueleg-Zorten dobäi kommen. Dës europäesch Ausschreiwung huet als Objektiv een oder méi Fournisseuren ze fannen déi Lëtzebuerg wäerte kënne bis Enn 2020 beliwweren.

*Huet d'Regierung scho Schrëtt ënnerholl, fir bilateral Accorde mat europäeschen Nopeschlänner zum Handel vu medezinesche Cannabis ze fannen? Falls jo, wéi eng Gespréicher sinn zu dem Thema ofgehale ginn a wat fir eng Fortschrëtt si festgehale ginn? Falls nee, gedenkt d'Regierung, och ugesiichts vun der Legaliséierung vum Cannabis zum rekreative Gebrauch, dës Gespréicher mat europäeschen Autoritéiten ze sichen?*

Wat de medezinesche Cannabis ubelaangt, ass ze vermierken, dass ee selbstverständlech all déi Modeller vun eise Nopeschlänner analyséiert huet, mee dass et hei awer keng bilateral Accorden gouf, well jidder Land seng eege Gesetzgebung an dëser Matière huet an et och spezifesch Konditioune jee no Land fir dësen Produit gëtt.

Fir de Volet vun dem Cannabis fir aner Zwecker wei medezineschem Cannabis, si selbstverständlech scho Gespréicher mat aneren europäesche Länner gemaach ginn, awer och doriwwer eraus. Sou besteet zum Beispill e ganz enke Kontakt mat Holland a Kanada.

Zu dësem Zäitpunkt ass et awer nach ze verfréit fir iergendwellech Informatiounen aus dëse Gespréicher matzedeelen, well wéi der wësst de Koalitiounsaccord jo d'Analyse vun der Legaliséierung vum Cannabis virgesäit an des Analyse am gaangen ass.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

*Si virum Hannergrond, dass d'Produktioun an de Verkaf vum rekreative Cannabis zu Lëtzebuerg der Kontroll vum Staat sollen ënnerleien (Säit 105 am Koalitiounsvertrag), scho konkret Schrëtt ënnerholl ginn fir déi staatlech Kontroll och am Beräich vum medezinesche Cannabis ëmzesetzen?*

D'Gesetz iwwert de medezinesche Cannabis gesäit fir, dass de Verkaf just iwwert d'Spidolsapdikte gemaach gëtt, deemno besteet hei schonn e gewësse Kontroll wéi vill Cannabis fir medezinesch Zwecker verkaf gëtt. Doriwwer eraus ass e Kontroll en place gesat ginn deen den Apdikten erlaabt ze gesinn wéi ee Patient genee wéi vill Gramm u Cannabis brauch fir dass keen Abus ka bedriwwen ginn.

*Gesäit d'Regierung, och en vue vun der zukünfteger Legaliséierung vum Cannabis zum rekreative Gebrauch, d'Aféiere vun enger staatlecher Agence fir de Cannabis vir? Falls jo, wéini soll dës opgemaacht ginn?*

No den Artikelen 23 an 28 vun der « Convention Unique des Nations unies sur les Stupéfiants de 1961 telle que modifiée par le protocole de 1972 », déi Lëtzebuerg ënnerschriwwen huet, ass all Partie déi den Ubau vun der Cannabisplanz fir d 'Produktioun vu Cannabis oder Cannabisharz, ausser fir industriell Zwecker, erlaabt, gebonne fir een oder méi staatlech Organismen (e.g. staatlech Agence) ze schaffen fir deeselwechte Kontrollregim kënnen ze applizéieren dee virgesinn ass am genannten Artikel 23 fir de Kontroll vun Opiummohn. D'Schaafe vun enger Agence ass Bestanddeel vun der Analyse vum gesamte Konzept em d'Legaliséierung vum Cannabis. Fir dee Fall wäert Lëtzebuerg och esou eng staatlech Agence en place setzen.